# Muséksfestivalen

Guy Engels

D'Lëtzebuerger Musékszeen ass an deene leschte Joren zolitt a Bewegung geroden. Vun engem Äerdbiewen ze schwätze wär vläicht e bëssen iwwerdriwwen. Mä vun Zäit zu Zäit gëtt et Stéiss, Verwerfungen, déi d'Musékslandschaft nei gestalten.

Affer vun dëser kulturpolitescher Tektonik sinn nach ewell gären déi sëlleche Festivalen oder och verschidde Concertsreien.

Jorelaang zum Beispill huet de Philharmoneschen Orchester Lëtzebuerg de Live-Cinema mat vill Succès organiséiert. Mëttlerweil huet d'Philharmonie an Zesummenaarbecht mam OPL an der Cinemathéik een eegent Abonnement draus gemaach.

Wie sengerzäit bedeitend Orchesteren a grouss Soliste wollt zu Lëtzebuerg erliewen, dee konnt sech op d'Soirées de Luxembourg verloossen, déi et iwwer Joerzéngte fäerdegbruecht hunn, hire Public mat renomméierte Kënschtler ze verwinnen. Déi Tromp hu se haut net méi an der Hand.

Ähnlech geet et och deene ville Festivalen, déi uechter d'Land organiséiert ginn. Den Hierschtfestival zu Heischent ass sang- und klanglos aus dem Agenda verschwonnen. D'Schubertiade Lëtzebuerg mécht nach eng Saison, dann ass och do Schluss. Anerer hale sech nach daper – mä geleentlech stellt ee sech d'Fro: wéi laang nach?

Wou leien d'Ursaachen, wien ass Schold un där Situatioun?

Déi sougenannt kleng Festivale si meeschtens d'Resultat vun enger Rei Idealisten, fervente Melomanen, déi hir Begeeschterung fir déi klassesch Musek mat aneren deele wëllen. Si maachen dat alles op benevoler Basis.

Eng jorelaang Erfahrung, gutt Kontakter an en Engagement ouni Grenzen ass hire Fonds de commerce. Si suerge selwer fir d'Reklamm, sichen äifreg no Sponsoren, redigéiere mat vill Léift a Suergfalt hir Programmhefter, këmmere sech selwer ëm de Verkaf vun den Entréesbilljeeën a setzen och nach d'Still virum Concert.

Dat kascht alles vill Zäit an och vill Energie – a wa béides eng Kéier net méi do ass, dann ass et mat esou engem Festival séier eriwwer. An dat ass de Problem vun dëse Manifestatiounen: Si hu keng professionell Struktur a kënnen einfach mat deene staarken, personell, strukturell a materiell gutt ausstafféierten Organisateuren net méi mathalen.

Et hätt net vill gefeelt, da wier och den Iechternacher Festival vun deem Trëndel matgerappt ginn an ënnergaangen. An deene leschte Jore gouf sech nach esou just iwwer Waasser gehalen, mat enger Programmatioun, déi näischt wierklech Spezifesches méi hat, näischt, wat net och soss ze erliewe gewiescht wier.

Elo gëtt en neien Ulaf geholl, mat engem neie Konzept, deen eigentlech evident ass. Den Iechternacher Festival soll neess e Festival an där besonnescher Atmosphär vun der Abteistad ginn. Zesumme mat der Stad Iechternach wëll de Festival och eng entspriechend Stëmmung schafen, déi de Leit einfach Loscht op Iechternach mécht. Kultur an Tourismus ginn Hand an Hand, fir gemeinsam eppes z'erreechen. Mat deem neie Kulturzentrum, dem European Baroque Orchestra en résidence kann hei wierklech en neien Ulaf geholl ginn, dee gelénge muss. Eng drëtt Chance wäert et nämlech net méi ginn.

radio 100,7 *Kulturchronik vum 25.3.2008*

*De Guy Engels ass Muséksredakter beim radio 100,7.*
*Kulturchronik um radio 100,7 all dënschdes um 7.55 an 12.50 Auer.*